# Association des Agents Pénitentiaires du Grand-Duché de Luxembourg a.s.b.l.

affiliée à la C.G.F.P.
affiliée à l' A.P.F.P.

B.P. 35 L-5201 Sandweiler
Tel.: 35 96 21 – 1 Fax.: 35 96 21 - 348


Schrassig, le 19 mai 2020

**Concerne** : Communiqué zur « question élargie N°34 » vum Här GLODEN Léon vum 12 Mai 2020

D' « Association des Agents Pénitentiaires » begréisst den Interessi wou den Här Gloden Léon an der Séance Publique N°35 den 12 Mai 2020 fier d'Administration Pénitentiaire gewisen huet.

Mir begréissen, dass d'Ministech Madame Tanson un d'Opwäerten vun der Carrière vun den Agents Pénitentiaires geduecht huet an, an dësem Kontext, Réckspro och mam Här Minister Hansen hëlt. Mir hun absolut Verständnis dofier datt a Covid-Krisenzäiten d'Prioritéiten änneren an domat och verschidden Dossieren op e spéideren Zäitpunkt verréckelt gin. Dëst Uleies hat d'AAP scho firu Joren an et gouf den Androck vermëttelt ons do wëllen hinzehaalen.

D'Bereedstelle vun engem Ionscanner an d'Mise en Place vun enger Hondsstaffel welch d'Arbeschten vum Service de Surveillance an der Administratioun erheblech wäert erliichteren erlabt et am Kontext vun enger Resozialisatioun an der Secherheet en groussen Schratt an déi richteg Richtung ze maachen.

Mir mussen awer mat Bedauere feststellen, datt ons Beamte säit de Revolten 2018 net wéi festgehalen ausstafféiert goufen. Et bleift ze ernimmen dass an deem Kontext eng ganz Rei un Equipementer fier d'Beamten, méi spezifescht Material fier de Groupe d'Intervention Pénitentiaire an déi néideg Formatiounen ugefrot goufen, an bis elo um Terrain net ukomm sin. D'Equipementer sollte laut onser Direction générale integral fier September 2019 geliwwert gin.
D'AAP fuerdert scho säit längerem e Groupe de Travail fier datt d'Beamte sech an dësem Zesummenhang net selwer iwwerlooss sin.
Et geet ons hei drëms, mat Hëllef vun Experten, zum Schutz vun de Beamten an Détenuen, eng legal Basis an Prozeduren ze schafen. Vun dohier kann een och kee Bilan iwwert dës Problematik zéien.
Mir verweisen och nach eng Kéier drop hin datt d'AAP eng Rei u Formatiounen, déi onser Meenung no kruzial an onsem Beruff sin, virgeschloen huet a mier an dësem Kontext bis elo keng Réckmeldung kruten.

Pour le comité de l'AAP,

| Président | Vice-président | Secrétaire |
|---|---|---|
| DJENNAS Samir | PERRIN Kim | SABOTIC Emir |